PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/12/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

A menger Fro vum 29ten November (n°3065) hat den Här Minister mir Folgendes geäntwert:

> Esoubal dëse Reglement publizéiert ass, kënnen erëm Verhandlunge gefouert ginn tëschent der Gesondheetskeess an der Fapsylux, fir déi Punkten ze definéieren, déi net ënnert déi obligatoreschen Dispositioune falen.

De Staatsrot huet dëse Reglement awer elo fir verfassungswiddreg erkläert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat sinn dem Minister seng nächst Schrëtt an dësem Dossier?
2. Wäert de Minister sech elo erëm mat de Representante vun der Fapsylux zesumme sëtzen?
   Wann jo, fir wéini sinn eicht Gespréicher geplangt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député